L.W. 6.07.2018

PINNWAND

Summervakanze mat Young Caritas

Lëtzebuerg. All Joer bitt d'Caritas Jeunes et Familles am Kader vun der Young Caritas vill verschidde Kolonië fir Kanner a Jugendlecher un. Dës Kolonië ginn net nëmmen duerch en uspriechend Vakanzenzil onvergiesslech mä och duerch ënnerschiddlech fräiwëlleg Moniteuren, déi dat ganzt leeden a gestallten. Lass geet et den 21. Juli mat der Kolonie „Fann den Nemo" um Misärshaff fir Kanner vun sechs bis aacht Joer, eng Rees déi vill Iwwerraschunge mat sech bréngt. „Eviva Espana" vum 25. Juli bis de 7. August ass dann déi éischt Auslandskolonie dëse Summer, an zwar a Spuenien mat vill Sand, Sonn a Waasser fir Kanner zwëschen aacht an zwielef Joer. Traditionell steet och erëm d'Kolonie „Camargue II" während zwielef Deeg fir Jugendlecher am Süde vu Frankräich um Programm. Zwou Wochen an Éisterräich geet et fir déi Jonk vun aacht bis zwielef Joer bei „Hills Sun and Fun". Erëm zeréck zu Lëtzebuerg ginn nach zwou weider Kolonien ugebueden. Fir déi Sechs- bis Aachtjäreg geet et vu Bilschdref aus „A 6 Deeg ëm d'Welt", an déi Jonk zwëschen aacht an zwielef Joer erwaart vum 19. bis den 29. August vill Action a Spaass zu Diddeleng bei „Léifreg Aktiv goes South". Bei der Young Caritas kritt jiddereen d'Méiglechkeet, fir mat an d'Vakanz ze goen. Kanner oder Jugendlech aus sozial schwaache Famillje kënnen eng Präisreduktioun ufroen. Weider Infoe sinn um Internetsite ze fannen.

Young Caritas via mywort.lu

■ **www.youngcaritas.lu**